

# Nei Trainerinnen an nei Presidentin

## Gréisser Ännerungen beim Lëtzebuerger Veräin fir Gediechtnistraining



*Déi nei Gediechtnistrainerinnen mam néien Éierepresident an hirer Formatrice (r.).*

**Lëtzebuerg.** De Lëtzebuerger Veräin fir Gediechtnistraining (LVGT) hat kierzlech seng Generalversammlung. An engem grousse Sall, wou d'Ofstänn konnte garantéiert ginn, huet de President Jean-Pierre Dahm 82 Prozent vun de Membere begréisst. Duerch d'Pandemie war et net méiglech, am vergaangene Joer Gediechtnistraining unzebidden.

No engem Opruff haten sech eng ganz Partie Interessente gemellt fir eng Formatioun als Gediechtnistrainer matzemaachen. Sou konnt de Veräin, no enger Ausbildung vun dreimol eng Woch – vun deenen déi zwou éischt nach a Presenz konnte geschéien an déi lescht online ofgehale ginn ass – néng nei Gediechtnistrainerinnen als Member ophuelen.

Et sënn dëst déi Damme Bissen Rebecca, Braun Helene, Ensch Alexa, Lallemang Astride, Nittel Henriette, Pauels Marga, Oms Marie-Paule, Sauer Carine a Weiss Brigitte. De President huet seng Kandidatur net méi gestallt, an et hunn sech véier nei Membere fir an de Comité gemellt. Am Comité, mat der Mme Elisabeth Bastian als Presidentin, sënn di Damme Gaby Berweiler, Helene Braun, Alexa Ensch, Elli Hein, Edmée Hoffmann, Andrea Ludovicy, Marie-Paule Oms, Emilie Ries an den Här Gilles Reyter. D'Generalversammlung huet de Grënnungspresident Jean-Pierre Dahm zum Éierepresident ernannt.

*Jean-Pierre Dahm via mywort.lu*